


Ce calendrier comporte pour chaque jour de l'année une expression typique de la langue luxembourgeoise en rapport avec un animal.
Cette sélection, réalisée par S. Clesse avec l'aide du dictionnaire luxembourgeois et d'après leur usage actuel,
est agrémentée d'interjections couramment utilisées.
Sur chaque page vous découvrirez des reproductions de cartes anciennes, à thème animalier de l'Arelerland.
Nos remeciements vont à toutes les personnes qui ont aidé à la réalisation et à la diffusion du présent document.
(Cartes anciennes : Coll. G. Thommes)

# Volleks Kalenner fir d'Jor 1997

Ce calendrier a été réalisé et édité par ARELERLAND A SPROOCH,
association culturelle pour la défense de la langue et de la culture luxembourgeoise

Photo de couverture : AREL - De Schwäinhiirt ënnert dem Äächebam (1880) - Nationalbibliothéik vu Lëtzebuerg




AREL - D'Jhandarmerie an d'Normalschoul. (1913)

Mer wënschen Iech all
ee glécklecht neit Jor,
laang ze liewen a
gléckséileg ze stierwen.

1997

# Januar - Haartmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Een Af mécht der honnert ! | **Neijooschdag** |
| Donneschteg | 2 | Engem schéinen Af geet alles gut ! | |
| Freideg | 3 | Léiert keen alen Af Grimasse maachen ! | |
| Samschdeg | 4 | Do soll der Däiwel Af gin! Zackertjëft ! | |
| **Sonndeg** | **5** | E sëtzt do wéi een Af op engem Schläifsteen. | |
| Méindeg | 6 | Wie bäi der Kou hirem Auder as, dee kritt d'Mëllech. | **Dräikinneksdag** |
| Daaschteg | 7 | De Mënsch as kee Béischt wann e schon äärdeg as wéi eng Bei. | |
| Mëttwoch | 8 | Elo as d'Bëtschel fett ! Mäi léiwe Jong ! | |
| Donneschteg | 9 | E schwätzt wéi ee Bier an as domm wéi een Iesel. | |
| Freideg | 10 | Stell dech nët wéi ee Bauz! Hal op! | |
| Samschdeg | 11 | D'Bei an d'Schof hëllefen dem Bauer op an of. | |
| **Sonndeg** | **12** | An enger aler Heip as dacks eng gutt Béi. | **Jesusdäfensdag** |
| Méindeg | 13 | En as verléift wéi e Beiebommel, deen aarme Kärel ! | |
| Daaschteg | 14 | Hatt war rose wéi eng Spann. | |
| Mëttwoch | 15 | E gët et vu sech wéi d'Bei ... awer nët esou séiss ! | |
| Donneschteg | 16 | An deem Haus geet et aus an an wéi an enger Beienheip ! | |
| Freideg | 17 | Hie kuckt wéi e gestachene Bock. | |
| Samschdeg | 18 | En huet de Bock zum Gäärtner gemeet ! Den Eefalt ! | |
| **Sonndeg** | **19** | De Bock huet dee gestouss ! Deen Dabo ! | |
| Méindeg | 20 | Tjëft, as dann haut der Däiwel zu Bock ! | **Baschtianisdag** |
| Daaschteg | 21 | Et as esou gouereg dass et kéint ee Bock tëschent den Hare këssen. | **Agnès** |
| Mëttwoch | 22 | Ech wäerd em scho weise wou de Bock d'Lach huet. | |
| Donneschteg | 23 | Kertjëft ! Dat as verwinnt wéi e Poufankenascht ! | |
| Freideg | 24 | Et waard bis d'gebroden Dauwen em an de Mond geflu kommen. | |
| Samschdeg | 25 | En huet Féiss ewéi een Elefant. Dat as allerhand ! | **Paulus Bekéierong** |
| **Sonndeg** | **26** | Tjé dann ! Se mécht aus enger Méck en Elefant ! | |
| Méindeg | 27 | KANNERSPILL (Mat der Hand stréilen vun der Stir bis an den Hals an dann erop). | |
| Daaschteg | 28 | - Esou leeft d'Geess de Bierg erof<br>- An esou leeft de Bock de Bierg erop ! | |
| Mëttwoch | 29 | FANGERODESPILL : D'Berlénk (Fanger ausstrecken a verstoppen). | |
| Donneschteg | 30 | - Klipp, Klapp, Kludersak, wéivill Haren huet de Bock? (äntweren) | |
| Freideg | 31 | - Häss de 4 ... geroden (d'Fangere weisen)<br>Dann hätt ech dech nët geschloen! | **Hl. Mutien-Marie** |




EIBENG - Laanscht der Oder (1939)

't As will Gléck an ärem Haus.
Werft ons Faaschtebounen eraus!

**1997**

# Februar - Spiirkel

## Kazemount - Schnéimount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Mir sin hei op kengem Véimaart ! Weess de ! | |
| **Sonndeg** | **2** | Du hues eng Schrëft wéi ee Fierkel | **(FUESENT) Liichtmesdag** |
| Méindeg | 3 | Du bas der Bomi hiirt Fierkelchen (hire Giss) | **Blasiusdag** |
| Daaschteg | 4 | Et muss een e klenge Fësch an d'Waasser werfen fir en décken ze fänken. | |
| Mëttwoch | 5 | De Fësch muss dräi mol schwammen : am Waasser, am Fett, am Wäin. | |
| Donneschteg | 6 | Mat Spaut fänkt ee Mécken a mat Mécke Fësch. | |
| Freideg | 7 | Et hat gemengt et hätt e Fësch gefangen, du war et jo ee Kauz ! | |
| Samschdeg | 8 | Et ësst wéi e Villchen mä der Däiwel mag em de Vullekuerf botzen. | |
| **Sonndeg** | **9** | Et as méi liicht e Sak Fléi hidden wéi e verléift Framënsch. | **Fuessonndeg** |
| Méindeg | 10 | Deen huet e Liewe wéi en Hond ouni Fléi. | **Fuesméindeg** |
| Daaschteg | 11 | Déi hongreg Fléi bäisse schaarf ! **N.D. vu Lourdes** | **Fuesdaaschteg** |
| Mëttwoch | 12 | Vum vill Waasser drénke kritt ee Fräschen an de Bauch | **Äschemëttwoch** |
| Donneschteg | 13 | Tjé dann ! Wat bas du en erkaalte Fräsch ! | **FAASCHTENZÄIT** |
| Freideg | 14 | Setz e Fräsch op e gëldene Stull e spréngt ëmmer hannescht an de Pull. | |
| Samschdeg | 15 | Schéi Plomme maache schéi Vullen. | |
| **Sonndeg** | **16** | Deen aarmen Däiwel ! Et as ee Vull fir d'Kaz. | **Ounesonndeg** |
| Méindeg | 17 | Wann all Vulle päifen, dann hal du stëll. | |
| Daaschteg | 18 | Awer da muss ee Fuuss an Hues zugläich sin. | **HL. Bernadette** |
| Mëttwoch | 19 | Wann ee Vulle fänke wëllt, dann daarf een nët mat Knëppelen draschloen. | |
| Donneschteg | 20 | Déi louss Fiiss gin och emol gefaangen. | |
| Freideg | 21 | Jo ! Jo ! Et as d'Seechi vun der rouder Geess ! | **Hl. Pater Damien** |
| Samschdeg | 22 | Eng al Geess huet och nach gär e gréngt Blietchen. | |
| **Sonndeg** | **23** | Dräi Gänsen an e Framënsch maachen ee Maart. | **Bounesonndeg** |
| Méindeg | 24 | Wat een ! En huet Been ewéi een Heesprénger ! | **Mathaisdag** |
| Daaschteg | 25 | O méi ! Et huet gekrasch wéi en Hénkel. | |
| Mëttwoch | 26 | KANNERSPILL : Jupp, jupp, Päerdchen, vun der rouder Millchen, | |
| Donneschteg | 27 | D'Päerchen huet e Fillchen, d'Fillchen huet e wäisse Fleck, | |
| Freideg | 28 | Et werft dat Këndchen an den Dreck ! (um Knéi jubbelen) | |




MAARTEL - D'Réimerbréck op der Sauer (1908)

Eent Ä, keent Ä.
Zwee Äer, Spottäer,
Dräi Äer, Ouschteräer !

# 1997

# Mäerz - Lenzmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Ma du wäers wéi en Hiecht am Weier | |
| **Sonndeg** | **2** | Dee frech as wéi een Hond, lieft wéi een Här ! | **Krounesonndeg** |
| Méindeg | 3 | Wann een en Hond wëllt doutschloen da seet een e wir rosen. | |
| Daaschteg | 4 | Honn déi bille bäisse nët, gët gesot. | |
| Mëttwoch | 5 | Si verdroe sech wéi Hond a Kaz ! | **Irène** |
| Donneschteg | 6 | E war do wéi en Hond an engem Kälespill. | |
| Freideg | 7 | Si strécken hiren Hond nët mat Zoossissen un! | |
| Samschdeg | 8 | So emol ! Mengs de dann ech wir däin Hond ? | |
| **Sonndeg** | **9** | E schielt Hung fënnt och alt emol säi Käerchen. | **Halleffaaschtesonndeg** |
| Méindeg | 10 | Wat élef Hénger zesumme schäre kann dat zwieleft auserneekrazen ! | |
| Daaschteg | 11 | Alles kënnt un den Dag a wann d'Hénger et mussen aus der Mëscht krazen. | |
| Mëttwoch | 12 | O mei ! E kuckt drann wéi een Huer ! | |
| Donneschteg | 13 | Hei do ! Et huet een Hals wéi eng Huergäns. | **Eufrasie** |
| Freideg | 14 | Wann d'Huergäns fréi duurchzéen, da gët et e fréit Jor. | |
| Samschdeg | 15 | Bal as nach laang keen Hues gefaang ! | |
| **Sonndeg** | **16** | Deen zwéin Huesen zegläich nolääft, kritt keen. | **Ellesonndeg** |
| Méindeg | 17 | KAND ! Fir een Hues ze fänken muss du him Salz op de Schwanz léen ! | |
| Daaschteg | 18 | Wuer Gott en Hues setzt duer setzt en och e Wues ! Ma der keng Bill ! | |
| Mëttwoch | 19 | E schléift wéi een Hues, Pass op ! | **Jousefsdag** |
| Donneschteg | 20 | Den Hues stierft wou e gebueren as. | |
| Freideg | 21 | Da komm mäin Hieschen, seet de Freier | **FREIJOR** |
| Samschdeg | 22 | E gudden Hunn gët nët (sele) fett. | **Léa** |
| **Sonndeg** | **23** | Fäerdeg ! Mer kréien (fänken) haut den Hunn ! | |
| Méindeg | 24 | Zwéin Hunne verdroe sech nit op enger Mëscht. | |
| Daaschteg | 25 | Ech loosse meng Hinnerche lafen, späert der är Pëllen an ! | |
| Mëttwoch | 26 | Wuefir setze si den Hunn op den Tur ? Engem Hung seng Äer génge briechen. | |
| Donneschteg | 27 | KANNERSPILL. De Fuuss an d'Hénger (nolafen)<br>- Wou as mäi Wäissebräi ? | **Gréngendonneschteg** |
| Freideg | 28 | - Am Takeschaf ! Géi e sichen ! D'Kaz huet e gefriess ! | **Kuerfreideg** |
| Samschdeg | 29 | - Da git mer eng Botterschmier wéi mäin Aarm sou laang. | **Kuersamschdeg** |
| **Sonndeg** | **30** | - Ech hu kee Brout, kee Messer a kee Botter ! | **Ouschterdag** |
| Méindeg | 31 | - Da muss ech eent vun dengen Hénkele kréien ! | **Ouschterméindeg** |




Märzgeck streck deng Nues
an de Päerdsdreck !
Abrëllsgeck streck deng Nues
an de Kéidreck !

# 1997

AREL - De Birelhaff (1895)

# Abréil - Gecksmount

## Fréiling

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | Ma der keng ! Ee gudden Iesel stéisst sech nëmmen eemol un dee selwechte Steen. | |
| Mëttwoch | 2 | So emol ! Sin ech vläicht däin Iesel ! | **François de Paul** |
| Donneschteg | 3 | Wann et dem Iesel ze wuel as, da geet hien op d'Äis danzen. | |
| Freideg | 4 | Deen den Iesel spillt muss d'Säck droen. | |
| Samschdeg | 5 | Et kann een en Iesel bäi den Trach féieren awer nët zwangen datt e sëft. | |
| **Sonndeg** | **6** | Iesel gebueren, Iesel gestuerwen ! | **Wäissenouschterdag** |
| Méindeg | 7 | Nu kuck ! Wann den Iesel verléift as da léiert en nach danzen ! | |
| Daaschteg | 8 | A wat as geschitt ? Du hues e Kapp wéi en Igel. | |
| Mëttwoch | 9 | Hei elei ! Et kéint do wéi eng Inn ! | |
| Donneschteg | 10 | Deen do, dee schwëmmt wéi eng bläien Inn. | |
| Freideg | 11 | D'Kalwer déi gutt saufe friessen nit vill. | |
| Samschdeg | 12 | Wann d'Kallef am Pëtz läit da mécht een en Deckel drop. | |
| **Sonndeg** | **13** | Denk no, du grousst Kallef dass de bas ! | **Martin** |
| Méindeg | 14 | En hat mer Kou a Kallef versprach ! | |
| Daaschteg | 15 | Weess de, all Kou war eng Kéier och ee Kallef. | |
| Mëttwoch | 16 | Wann déi bäienee sin da saufe se wéi Kaméiler. | |
| Donneschteg | 17 | Alles gesäit en ! En huet Aen wéi ee Kawäächelchen. | |
| Freideg | 18 | Eng Kaz fält ëmmer erëm op hir Been. | |
| Samschdeg | 19 | Pass op ! Vullen déi fréi sangen hëlt d'Kaz. | |
| **Sonndeg** | **20** | Dat as sou falsch wéi eng Kaz. | |
| Méindeg | 21 | En as drop aus wéi d'Kaz op d'Maus. | |
| Daaschteg | 22 | Wann d'Kaze fort sin da sin d'Mais Meeschter ! | |
| Mëttwoch | 23 | E schenkt der Kaz seng Deel nit. | |
| Donneschteg | 24 | En as iwerall derbäi wou eng Kaz duurch d'Baach geschleeft gët ! | |
| Freideg | 25 | Et kääft ee keng Kaz am Sak. | **Markusdag** |
| Samschdeg | 26 | Wat Iddien ! Deen huet elauter Kiewerlécken am Kapp. | |
| **Sonndeg** | **27** | Si passt op hir Kanner op wéi d'Kluck op d'Hénkelen. | |
| Méindeg | 28 | KANNERREIM : - Fléntermaus, wou kucks d'eraus ? - Aus Zärenhaus. - Wat häs de gär ? | |
| Daaschteg | 29 | - Eng sauer Brach (e Fouss bäi d'Lach) - A wat dann nach ? | **Katherina vu Sienna** |
| Mëttwoch | 30 | - Eng Botterschmier, déi hun ech gier ! | |




NIDDERÄLTER - D'Schlass, Wunnengen a Schapp

Hei brenge mer dir eng Strauss,
Si as nët vu Rousemaräin,
Si kéint wuel schéiner säin,
Si as nit vun Dëschtelen an Där
Mir hoffen du hues se gär !
Si as nit vu Schwiewel a Pech !
Wa se nit gefällt da werf s'ewech !

# 1997

# Mee - Oktavsmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | Du sëtzs do wéi eng Kluck op faulen Äer ! | **Fest vun der Aarbecht** |
| Freideg | 2 | Märsi fir d'Kompliment ! Du Kichekueder ! | |
| Samschdeg | 3 | Déi al Kéi gin d'Mëllech an déi jonk Hénger léen d'Äer. | |
| **Sonndeg** | **4** | Et heescht keng Kou Blimmchen dees se hätt eng wäiss Strimmchen | |
| Méindeg | 5 | De Mënsch ka sech verrieden an eng Kou sech vertrieden. | |
| Daaschteg | 6 | O bäi la Märsi ! Da bas du vun der Kou op d'Kallef koum. | |
| Mëttwoch | 7 | Héier emol ! Vun hei sëtze gët eng fett Kou moër ! | |
| Donneschteg | 8 | En as esou hongreg wéi eng Kréi ! | **Christihimmelfaart** |
| Freideg | 9 | Et huet Kréiennaupen, gëf uecht op et ! | |
| Samschdeg | 10 | En as rout gin ewéi ee Kriips, dee Linner ! | |
| **Sonndeg** | **11** | Dat do ! Dat as eppes wéi ee wäisse Kueb. | **(B) Mammendag - Fliederschersdag** |
| Méindeg | 12 | E gouf gedëlleg wéi e Lamm. | |
| Daaschteg | 13 | Wann eng hongreg Laus bäisst da bäisst se haart. | |
| Mëttwoch | 14 | Eng Laus vernennt déi aner Lausmudder. | |
| Donneschteg | 15 | Dee Lëmmel ! Deen huet vill Lais um Pelz. | **Bonifacius** |
| Freideg | 16 | Esou eng Laus geet ee wäit a breet nit méi sichen | |
| Samschdeg | 17 | O Freck ! Mengs du dann ech wir vum Lämmes gebass ? | |
| **Sonndeg** | **18** | E war rose wéi ee Léiw ! | **Päischdag** |
| Méindeg | 19 | Dat do as Fleesch vun enger aler Masette ! | **Päischméideg** |
| Daaschteg | 20 | So näischt ! En as ewéi e Maulëp | **Päischdaaschteg** |
| Mëttwoch | 21 | Dee Schnëssert ! En huet gebirelt wéi e Léiw ! | |
| Donneschteg | 22 | Et as em eng Spann iwert d'Liewer gelaf | |
| Freideg | 23 | Déi Schlofhauf ! Et schléift wéi eng Marmott. | |
| Samschdeg | 24 | O Himmel ! Hie fäert keng Maus ! | |
| **Sonndeg** | **25** | Sief stëll wéi eng Maischen ! | **Dräifaltdegkeet** |
| Méindeg | 26 | Donnerwieder ! Dat do wir d'Mais bäi de Speck spären ! | |
| Daaschteg | 27 | Roude Léiw huel se ! Roude Léiw zerräiss se ! | |
| Mëttwoch | 28 | Rätzel: Véier hungen, véier stungen, zwee weisen de Wee an zwee wieren de Wollef ('t as d'Kou) | |
| Donneschteg | 29 | KANNERREIM : Do hues d'en Daler, da gees de op de Maart, a kääfs der eng Kou, | |
| Freideg | 30 | an e Källefchen derzou, mat engem gëllene Schwänzchen, | |
| Samschdeg | 31 | an engem Direliredänzchen fir den aarme Fränzchen ! (Hand stréilen a krabbelen). | |




ATTEM - Op der Grenz (1919)

Komm da gees de mat
an de Bësch
Blumme plécken a Vulle fänken!

# 1997

# Juni - Broochmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | 1 | Hun d'Mais dir d'Hoer nit ofgebass ? | **Zerläichendag** |
| Méindeg | 2 | E kuckt drann ewéi eng Maus aus enger Mielbittchen. | |
| Daaschteg | 3 | Déi zweebeeneg Mais waren un den Zocker. | |
| Mëttwoch | 4 | Mat Speck fänkt een d'Mais. | **Clothilde** |
| Donneschteg | 5 | Ma sécher ! Do geet keng Maus drunn ! | |
| Freideg | 6 | Ziels du d'Mécken, du Dräibiz ? | **Häerzjesusfest** |
| Samschdeg | 7 | Et freet emol keng Maus no him. | |
| **Sonndeg** | **8** | Männi ! Du bas frech wéi eng Méck. | **(B) Pappendag - Medard** |
| Méindeg | 9 | 't As eng schlecht Maus déi nëmmen ee Lach huet. | |
| Daaschteg | 10 | Männchen ! Wat bas du en Drecksmärel ! | |
| Mëttwoch | 11 | Dee fänkt zwou Mécke mat engem Schlag. | **Barnabé** |
| Donneschteg | 12 | Mat Hunneg fänkt ee méi Mécke wéi mat Esseg. | |
| Freideg | 13 | Et huet eng Stëmm wéi ee Maarkollef ! | **Antonius** |
| Samschdeg | 14 | Besser Mécke gefaange wéi méisseg gaangen. | |
| **Sonndeg** | **15** | Ech hätt gär e Patt Wäin mat enger Méck. | |
| Méindeg | 16 | Wann eng Méck doud geschloe gët kommen hirer zwanzeg op d'Begriefnës. | |
| Daaschteg | 17 | E ka kenger Méck eppes zu Leed din. | |
| Mëttwoch | 18 | Mäi léiwe Männchen, deen huet Mécken ! | |
| Donneschteg | 19 | Leider huet hatt ee Mo wéi e Kanarievillchen. | |
| Freideg | 20 | Hien huet ee Mo wéi e Schwéngskessel. | |
| Samschdeg | 21 | Wat as lass ? Du sëtzs do wéi eng Mouk. | **SUMMER** |
| **Sonndeg** | **22** | Fort mat der, du ellene Mued ! | **Paulinus** |
| Méindeg | 23 | Déi kleng Mouken hun och Gëft. | **NATIONALFEIERDAG zu Lëtzebuerg** |
| Daaschteg | 24 | Et as em esou wuel wéi dem Mued am Apel | **Gehaansdag** |
| Mëttwoch | 25 | Du léiwe Männchen, bas du kee Méckekinnek ? | |
| Donneschteg | 26 | Gëf op, Kéi, Päerd a blo Mäsen ! (Kaartespill) | |
| Freideg | 27 | En hat e Gesiicht wéi eng geschwolle Mouk. | |
| Samschdeg | 28 | KANNERREIM - Annemräche wat méchs de ? - Ech sëtze bäim Feier,ech strécken | |
| **Sonndeg** | **29** | Ech kiere mäin Haus. Ech strëppen eng Maus. | **Péitrus a Paulus** |
| Méindeg | 30 | Ech maachen dem Kënnchen schéin Händschen draus. | |




AFFEN - D'Platz bäi der Kiirch. (1905)


ARELER LAND A SPROOCH

Wou d'Setzbaach
aus dem Buedem quellt
an d'Broscht mat renger Loft
sech fëlt,
Do si mer gär ! Do si mer gär
Et as nierjens wou ee besser wär.

# 1997

# Juli - Heemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | Sou ee Mupp ! En huet kee gutt Wuert fir keen ! .......... | |
| Mëttwoch | 2 | Dat sin esou Nuechtegäilercher .......... | **Mariaheimsuchung** |
| Donneschteg | 3 | Dat Meedche ka sange wéi eng Nuechtegäilchen .......... | **Thommes** |
| Freideg | 4 | En as gebotzt wéi ee Pohunn. .......... | **Elisabeth** |
| Samschdeg | 5 | Bas de nees do, du grässleche Mupp .......... | |
| **Sonndeg** | **6** | Nondikass ! Elo huet dat Buch leselsoueren .......... | **Maria Goretti** |
| Méindeg | 7 | 't As wéi ee Vull deen aus dem Nascht gefall as. .......... | |
| Daaschteg | 8 | A wa mer d'Äer giess hun, da bake mer d'Ascht ! .......... | |
| Mëttwoch | 9 | Hie ka Kutsch a Päerd halen. .......... | |
| Donneschteg | 10 | Päerd a Fraleit hun aachthonnert Kränkten. .......... | |
| Freideg | 11 | Engem gudde Päerd leet een e Suedel op. .......... | |
| Samschdeg | 12 | D'Päerd déi d'Huewer verdéngen, kréie se nit. .......... | |
| **Sonndeg** | **13** | De Päerd an de Fraleit soll ee gutt Wuert gin! .......... | **DONATISKIIRMES** |
| Méindeg | 14 | E Bëlles mat de Päerd, e Bëlles mat de Leit. ...... | **NATIONALFEIERDAG a Frankräich** |
| Daaschteg | 15 | Et muss ee mat deene Päerd fueren déi een huet ! .......... | |
| Mëttwoch | 16 | Vum vill Schaffe vrecken déi bescht Päerd. .......... | |
| Donneschteg | 17 | Dat huet der eng Päerdsgedold ! (Schofsgedold) .......... | **(Arel) DONATISBITTGANG** |
| Freideg | 18 | D'Ongléck kéint zu Päerd a geet zu Fouss fort. .......... | |
| Samschdeg | 19 | O Märje ! En as vum Päerd zum lesel koum an du zum Hond ! .......... | |
| **Sonndeg** | **20** | E. Fraleitshor zit dacks méi wéi e Päerd. .......... | |
| Méindeg | 21 | Deen as staark wéi e Päerd. .......... | **NATIONALFEIERDAG an der Belsch** |
| Daaschteg | 22 | Domme Kärel ! Du hues d'Päerd verkaaft an de Suedel gehal. .......... | |
| Mëttwoch | 23 | Ech hu meng Suen nit an enger Päerdstrap fond ! .......... | |
| Donneschteg | 24 | Ech hu mer all Päerdsméi ugedoen. .......... | |
| Freideg | 25 | E päift wéi e Léiweckerchen .......... | **Jacobsdag** |
| Samschdeg | 26 | Et geet mer alles am Kapp ronderëm wéi e Päerderchesspill. .......... | **Joachim-Anna** |
| **Sonndeg** | **27** | FIR D'KANNER : Sief brav soss kriss du eng Bei an d'Ouer gesat. .......... | |
| Méindeg | 28 | Wann d'Nuetsklack laut mussen d'Kanner vun der Gaass soss hëlt de Nuechtvull se ... | |
| Daaschteg | 29 | ABZAHLREIM. Et geet e Männchen iwert d'Bréck.......... | |
| Mëttwoch | 30 | Hien huet e Fässchen op dem Réck. Hie schléit et widder eng Dunn. .......... | |
| Donneschteg | 31 | D'Dunn kraacht, de Männche laacht, D'Fräche kräischt, ... du bas ab ! .......... | |





MIEZEG - D'Häerd am Duerf.

Ee Besuch mécht ëmmer Plëséier
Wann et nit as wann ee kéint …
dann as et alt wann ee geet !

**1997**

# August - Huewermount
## Karschnatz

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Deem seng Kanner si jo nëmme Péckvillercher ! | |
| Samschdeg | 2 | Gelt du, hie schléift wéi e Rat ? | |
| **Sonndeg** | **3** | 't As ee wéi eng Pappegei, deen Tuddeler ! | **Péiter** |
| Méindeg | 4 | Nit méiglech ! D'Raten hun der d'Hor ofgebass ! | |
| Daaschteg | 5 | Pf ! E koum gekroch wéi e Raup. | |
| Mëttwoch | 6 | Märri bréng d'Aax, et as ee Raup am Gaart. | |
| Donneschteg | 7 | E war béis wéi ee Raup. | **Julienne** |
| Freideg | 8 | Wat der nit sot ! Ma deen huet ee Raup am Kapp ! | |
| Samschdeg | 9 | Wann d'Schmuelewen iwert de Buedem fléien da gët Reen. | |
| **Sonndeg** | **10** | Et reent wéi e Schwäin ! | Lorenz |
| Méindeg | 11 | Si sëtzen do wéi d'Hénger am Reen, ënnert der Kar. | |
| Daaschteg | 12 | Gelt, e leeft wéi e Réi ? | |
| Mëttwoch | 13 | Et gët Ree wann d'Wiirm aus dem Buedem krauchen. | |
| Donneschteg | 14 | Déi faulst Sau huet ëmmer de gréissten Trach. | |
| Freideg | 15 | Wat as dat e Rossbayard ! | **Mariahimmelfaart** |
| Samschdeg | 16 | Wann eng Sau nëmmen ee Fierkel huet, da gët et e schéint Schwäin ! | |
| **Sonndeg** | **17** | Besser enger aler Sau an d'Maul fale wéi deer Klap ! | |
| Méindeg | 18 | E schafft dass d'Schwaart him kraacht. | **Hélène** |
| Daaschteg | 19 | Dat Zëmmer gesäit eraus wéi ee Saustall ! | |
| Mëttwoch | 20 | Et as nit dat mä e fiert wéi eng Sau ! | |
| Donneschteg | 21 | En as nit Scheefche wéi e Woll dréit. | |
| Freideg | 22 | Du léift klengt Scheefchen ! | **Marie-Reine** |
| Samschdeg | 23 | Wann d'Schielmécken danzen, gët gutt Wieder. | |
| **Sonndeg** | **24** | D'Luucht as voller Scheewercher | **Bartholoméus** |
| Méindeg | 25 | D'Schielmécke sin haut uerg, et kéint e Wieder | |
| Daaschteg | 26 | Wat eng Plo ! Mer hun eng Stonn Schlaang gestan. | |
| Mëttwoch | 27 | Du luese Schleek maach virun ! | **Monique** |
| Donneschteg | 28 | De Schleek kéint esou wäit wéi de Fräsch. | |
| Freideg | 29 | Dat geet wéi de Schleek iwert d'Brooch. | |
| Samschdeg | 30 | RÄTZEL : Allzäit as en dobaussen awer ëmmer a sengem Haus (De Schleek) | |
| **Sonndeg** | **31** | D'Schlecher sin eraus et gët Reen ! | **Paulinus** |




ALENUEWEN - De Weier an d'Duerf.

ARELER LAND A SPROOCH

Ja, wat wëllt der hun,
soen d'Leit,
an da gi se engem awer
näischt.

**1997**

# September - Hierschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Wann d'Schmuelwen niddreg fléien da gët Reen. | **Ejhid** |
| Daaschteg | 2 | Wou d'Schmuelwe bauen, zitt Gléck an d'Haus. | |
| Mëttwoch | 3 | De Wollef hëlt och déi gezeechent Schof. | |
| Donneschteg | 4 | Gëf mer nach eng Schniewel voll Quetsch ! | **Rousel** |
| Freideg | 5 | Et huet gezaddert a geschnaddert wéi een erkaalte Fräsch | |
| Samschdeg | 6 | Schwätz wéi de Schniewel der gewuess as. | |
| **Sonndeg** | **7** | Stiech däi Schniewel elo nit an alles. | |
| Méindeg | 8 | Nu jé ! Hal de Schniewel ! | **Mariagebuertsdag** |
| Daaschteg | 9 | Wann emol ee Schof iwert de Gruef as da kommen déi aner no. | |
| Mëttwoch | 10 | En as nach laang nit Schof wéi e Woll dréit. | |
| Donneschteg | 11 | Deen do weess méi wéi en doudegt Schof. | |
| Freideg | 12 | Engem geschuerene Schof miesst Gott de Wand erof. | |
| Samschdeg | 13 | Et gi vill gedëlleg Schof an ee Stall. | |
| **Sonndeg** | **14** | E steet do wéi e verluerent Schof. | **Hellegt Kräiz Erhéiong** |
| Méindeg | 15 | E Schof bleift e Schof. | **Siwe Schmerze Maria** |
| Daaschteg | 16 | Si lafen duurchernee wéi en Trapp Schof. | **Editha** |
| Mëttwoch | 17 | Hie war ëmmer d'schwaarzt Schof an der Famill. | |
| Donneschteg | 18 | En houscht wéi e fault Schof. | |
| Freideg | 19 | E war naass bis op d'Schwaart. | **Emilie** |
| Samschdeg | 20 | Hien huet him d'Hor bis op d'Schwaart ewech geschnidden. | |
| **Sonndeg** | **21** | Un enger Schwaart leckt kee sech sat. | **HIERSCHT** |
| Méindeg | 22 | Et as esou gouereg, et as nëmme méi Schank a Schwaart. | |
| Daaschteg | 23 | Wann ee vum Däiwel (Wollef) schwätzt as de Schwanz nit wäit. | |
| Mëttwoch | 24 | Seng Hor si schwaarz wéi ee Kueb. | |
| Donneschteg | 25 | D'Luucht as schwaarz voller Kueben. | |
| Freideg | 26 | Bäi deem Wieder wiist enger aler Geess de Schwanz. | |
| Samschdeg | 27 | Klapp den Hénger op de Schwanz da léë si Äer. | |
| **Sonndeg** | **28** | Was du do sees huet jo kee Kapp a kee Schwanz. | **Wenceslas** |
| Méindeg | 29 | KANNERFROEN : Wuefir friessen déi wäiss Schof méi wéi déi schwaarz ?<br>- Well et deer méi sin. | **Méchel** |
| Daaschteg | 30 | Wouhier kommen d'Schmuelmëschen, wa se am Fréijor erëmkommen?<br>- Vu wuer hire Schwanz hiweist. | |




EIDEN - D'Kiizer Waassermillen

D'Wieder erkennt
een um Wand
den Här um Kniecht
de Papp um Kand.

# 1997

# Oktober - Wäimount
## Gromperemount - Reismount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Hun ech d'Schwäin ewell mat der gehutt ? | **Thérèse vu Lisieux** |
| Donneschteg | 2 | E gesäit eraus wéi e Schwäin ! | **Schutzengelfest** |
| Freideg | 3 | Dee Schwäibouf huet nees alles zum Onwee gemeet ! | |
| Samschdeg | 4 | En as béis wéi eng Spann ! | **Franziskus** |
| **Sonndeg** | **5** | Wann een owes eng Spann gesäit, dat bréngt Gléck. | |
| Méindeg | 6 | D'Spatze päifen et vun den Deech. | |
| Daaschteg | 7 | En as frech wéi e Spatz. | **Muttergottesrousekranz** |
| Mëttwoch | 8 | Dee geet Spatze fänken. | |
| Donneschteg | 9 | Et as jo nëmmen esou eng Spréif ! | |
| Freideg | 10 | En as gouereg wéi eng Spréif. | |
| Samschdeg | 11 | Se hun erëm de Storch bestallt. | |
| **Sonndeg** | **12** | En huet Aën wéi een Uhu ! | |
| Méindeg | 13 | Et as Wieder fir keen Hond erauszejoen. | |
| Daaschteg | 14 | Wann d'Beien uerg sin da kéint eent Wieder. | |
| Mëttwoch | 15 | Et as esou rar wéi eng wäiss Wiselchen. | **Thérésa d'Avilla** |
| Donneschteg | 16 | Déi do sëtzen an der Woll. | |
| Freideg | 17 | Wat hues du eng Woll um Kapp. | |
| Samschdeg | 18 | Se huet ee Mond wéi ee Pond Woll. | **Luksdag** |
| **Sonndeg** | **19** | E war wëll wéi ee Wollef | |
| Méindeg | 20 | Wann et ee Wollef wir dann hätt en dech ewell laang gebass. | |
| Daaschteg | 21 | De Wollef verléiert seng Hor awer seng Naupen nit. | |
| Mëttwoch | 22 | D'Wëllef friesse sech nit ënnert sech. | |
| Donneschteg | 23 | Et muss een dem Wollef säi Pelz nit verkafen, dees et hätt een en. | |
| Freideg | 24 | Wat solls du aarme Wuurm dovu verstoen. | |
| Samschdeg | 25 | E Liter Waasser a sechs Pond Rëndfleesch gët en gutt Zopp. | |
| **Sonndeg** | **26** | Du gesäis och nëmme Walfësch. | |
| Méindeg | 27 | D'Geess hätt och gär e Schwanz gehat, si krut awer nëmmen en Deckel. | |
| Daaschteg | 28 | Deen hun d'Wiirm scho laang gefriess. | |
| Mëttwoch | 29 | KANNERREIM : ABC ! De Koter leeft an d'Stréi, d'Kaz no an dann as näischt méi do. | |
| Donneschteg | 30 | Wees de wat ? Eng al op de Bak ! Weess de wéi ? Eng al op de Knéi ! | |
| Freideg | 31 | Weess de wou ? Et gin deeren zwou ! (An all Kéier et maachen). | |



ARELER LAND A SPROOCH

Wann et reent da maache
mer wéi déi Paräisser,
mer loossen et reenen
oder mer lafen
ënnert dem Reen erduurch !

# 1997

ARFL - An der Léopoldskasär. (Bloc F-1921)

# November - Niwwelmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Déi gutt Zopp mat vill Aen drop ! | **Allerhellegen** |
| **Sonndeg** | **2** | Véier Aen gesi méi wéi zwee. | **Allerséilen** |
| Méindeg | 3 | Wourun erkennt een den Uedem an d'Eiv am Himmel ?<br>Si hu keng Nuebelen. | **Hubertus** |
| Daaschteg | 4 | Klo nit well un de Kloen as nit vill ... awer de ganze Béischt steet drop. | |
| Mëttwoch | 5 | En huet him den Af (den Äfalt) gestëppelt. | |
| Donneschteg | 6 | D'halleft Ä as besser wéi d'eggel Schuel. | |
| Freideg | 7 | Wien d'Äer gär ësst muss och d'Käckse kënne verdroen ! | |
| Samschdeg | 8 | E geet do wéi op Äer ! | |
| **Sonndeg** | **9** | Et kann een e ganzen Dag un engem Ä schielen. | |
| Méindeg | 10 | Si gläiche sech wéi zwee Äer deem aneren. | |
| Daaschteg | 11 | Et gët versuergt wéi e réit Ä. | **Mäertesdag** |
| Mëttwoch | 12 | En as ze deier am Fudder. | |
| Donneschteg | 13 | Du kriss awer ze staarkt Fudder. | |
| Freideg | 14 | Et felen him nach Haren da wir et e richtegen Ochs. | |
| Samschdeg | 15 | Déi kommen och, d'Knuppe si schon do. | **Albert** |
| **Sonndeg** | **16** | Dee leeft sech d'Haren nach of ! | **Margréitendag** |
| Méindeg | 17 | Krénondikass ! Et as fir en Har op d'Stir ze kréien ! | |
| Daaschteg | 18 | Du huet et mer d'Hare gewisen. | |
| Mëttwoch | 19 | Et hat Hoër wéi Schwéngsbuuschten. | |
| Donneschteg | 20 | Dee sech an de Krësch leet , gët vun de Schwäi gefriess. | |
| Freideg | 21 | Wat huet deen agestach ! En huet de Krapp voll ! | |
| Samschdeg | 22 | En as gutt an der Krëpp, awer soss nit dichteg. | **Cäciliendag** |
| **Sonndeg** | **23** | Wann d'Borschte sech nit schécke muss een hinnen d'Krëpp méi héich hänken. | |
| Méindeg | 24 | Dee frësst un zwou Krëppen ! | |
| Daaschteg | 25 | Wien deem an d'Kloë geréit, deen as verluer ! | |
| Mëttwoch | 26 | VOLLEKSMEDIZIN : Kéikloë si gutt fir Zännwéi !<br>Du muss engem d'Héis op de Kapp schloen. | |
| Donneschteg | 27 | bis d'Kloën ausgin, dann as den Zännwéi ewech. | |
| Freideg | 28 | KANNERREIM : Hari Bomm, schlo op d'Tromm ! Zéi um Säel. Ruff deng Fra eräem, | |
| Samschdeg | 29 | gëf er Zopp a Brach, an da krëtt se nach. | |
| **Sonndeg** | **30** | Gutt Nuecht ! Spuer de Ruecht. Iess vill Zopp a Brach.<br>Dann hues de Brout laang genug ! | **Andersdag** |




TERNECH - Bäim Bur an der Kiirchgass.

Kanner, loosse mer lëschteg sin
Well de Kleesche kéint geschwënn !
Kleesche ! Kleesche !
Léiwen Zinniklos,
Diens du d'Kanner gären hues,
héier ons hellegen Niklos !

# 1997

# Dézember - Krëschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | E stong do wéi e Juegdhond. | **Eloi** |
| Daaschteg | 2 | Wann déi Musék spillt da geet d'Mëllech ëm. | |
| Mëttwoch | 3 | Hien hat eng Maul wéi eng Scheierpaard an hatt wéi eng Peffermillen. | |
| Donneschteg | 4 | An deene Strëmp do fannen d'Mais hir Jong nit méi erëm. | |
| Freideg | 5 | Mengs du ech wir eng Mëllechkou a géif ëmmer nëmme gin. | |
| Samschdeg | 6 | Dajé ! Kanner ! Séier aus de Plommen ! | **Nekloosdag** |
| **Sonndeg** | **7** | Du hues awer däin décke Pelz verluer. | |
| Méindeg | 8 | Elo geet et séier op de Juck ! | **Onbefleckte Emfangnis Maria** |
| Daaschteg | 9 | Wat ee Plogeescht ! E läit him ëmmer um Pelz. | |
| Mëttwoch | 10 | Dat Kënnchen as esou liicht wéi eng Plomm ! | |
| Donneschteg | 11 | Eng Kaz fält ëmmer erëm op hir Patten. | |
| Freideg | 12 | Jong ! Um Strand do war Speck feel ! | |
| Samschdeg | 13 | Si hu gekréit vu Freed ! | **Luziasdag** |
| **Sonndeg** | **14** | D'Fraleit stungen ewell do eng Stonn laang ze schnadderen. | |
| Méindeg | 15 | D'Wieder ännert sech ! Ech spiren dat un de Kréienaën. | |
| Daaschteg | 16 | Gläiche Véi leckt sech gär. | **Alice** |
| Mëttwoch | 17 | Et as fir sech d'Träipen am Laif zerkalen ! | |
| Donneschteg | 18 | D'Träippe musse sin esou schwaarz wéi der Däiwel an esou fett wéi e Minnech. | |
| Freideg | 19 | Deen et nit bäisst brauch sech nit ze krazen. | |
| Samschdeg | 20 | Wéi den alen Hunn kréit, kréien och d'Hinnercher ! | |
| **Sonndeg** | **21** | Si haten näischt ze bäissen an näischt ze räissen. | **WANTER** |
| Méindeg | 22 | Wat konnt dat blären an hie billen. | |
| Daaschteg | 23 | En hat vill Gléck am Stall ! | |
| Mëttwoch | 24 | KANNERREIM : Den Hunn : «Gott der Här as gebueren !» | **Adele** |
| Donneschteg | 25 | Den Hond : «Wou ? Wou? - D'Schof : «Betleheem !» | **KRËSCHTDAG** |
| Freideg | 26 | Speck a Brout schléit den Honger doud ! | **Steffesdag** |
| Samschdeg | 27 | En huet missen an de saueren Apel bäissen. | |
| **Sonndeg** | **28** | Hie kënnt do wéi geleckt ! | |
| Méindeg | 29 | An deem Haus as et wéi geleckt ! | |
| Daaschteg | 30 | RÄTSEL : Wat as méi schwéier? Ee Pond Plomme oder ee Pond Eisen ? | |
| Mëttwoch | 31 | KANNERREIM: Gutt Nuecht ! An dreem nit vun den Hénger soss fälls de vum Juck. | **SYLWESTEROWEND** |